# Referendum als allgemeng Meenungsäusserung

A ville Länner vun der EU steet deen ominöse Referendum iwwert déi sougenannten „EU-Verfassung" virun der Dir, an eis Politiker stellen op emol mat Schrecke fest, dass hier Biirger anscheinend guer net (méi) esou begeeschtert vun där ganzer EU sinn an d'Gefor besteet, dat si bei deem Referendum mat engem negative Vote klormaachen, datt si net vill vun deem halen, wat „déi zu Bréissel" esou zesummewurschtelen.

Eng aner Méiglechkeet haten si bis elo jo nach nët, well bis elo nach keen se gefrot huet, wat si vun deem Ganzen halen.

De Biirger ass méi praktesch orientéiert wéi d'Politiker; hie freet sech virun allem „Wat bréngt dat vereenegt Europa mir?" a bis elo huet en do nach net vill Konkretes a virun allem net vill Positives ze gesi kritt.

E Politikwëssenschaftler maach jo gudd Erklärungen derfir hunn, virwat a ganz Europa alles méi deier gëtt, d'Aarbechtlosenzuelen ëmmer méi héich ginn a Soziallееschtungen ofgebaut ginn. Et maach jo sinn, dass dat näischt mat der EU ze dinn huet, mee den einfache Biirger stellt nëmme fest, dass déi Saache gläichzäiteg passéieren, a schléisst dorausser, dass dat eent d'Ursaach ass an dat anert d'Auswierkungen.

Wat huet d'EU dann dem Biirger bis elo konkret bruecht?

Mir hunn eng gemeinsam Währung, an wéi d'Ëmfroen erginn, ass den Euro jo och eppes, wat déi meescht Leit akzeptéiert hunn, och wann se bei hierem Akaf Samschdes am Supermarché feststellen, dass se ëmgereechent fir vill méi Geld an hierem Caddy hunn, wéi fréier mam Lëtzebuerger Frang.

D'Bankgebühren si vereenheetlecht ginn, mee et huet jo awer vill Protest gebraucht, bis d'Banken drop verzicht hunn, fir no uewen unzepassen, an elo jidderengem wéinestens eng akzeptabel Zuel vun Iwwerweisungen pro Trimester gratis maachen.

Eppes aneschteres, wat eis EU-Politiker an där Richtung kënnten ustriewen, wier eng Upassung vun de Posttarifer an den EU-Länner. Et ass jo lächerlech, dass z.B. e Pak, dee vun Tréier op Iechternach geschéckt get, méi déier kascht wéi en Transport vun Hamburg op München, nëmmen well do angeeblech eng Landesgrenz dertëschent läit.

Awer och dobäi misst erëm – grad wéi bei de Banken – opgepasst ginn, dass net jidderee schlussendlech méi deier fir Bréiwen a Päck bezillt ewéi bis elo.

Mat esou enger Moossnahm géif och vläicht „méi Europa" um prakteschen Niveau realiséiert ginn, well nach ëmmer muss een zum Beispiel beim Versandhandel oder beim Online-Akafe feststellen, dat nach ganz vill Firmaen um nationalen Niveau stoe bliwwe sinn, a Liwwerungen an d'Ausland carrément refuséieren.

Léiw Politiker, dat alles geet de Leit e bëssen ze séier, och déi ganz Osterweiterung, an déi Manéier, wéi Dier do wichteg Décisiounen iwwert de Leit hier Käpp ewech huelt.

Si gesinn net an, firwat Dier do onbedingt esou eppes Ëmstriddenes wéi déi ominös EU-Verfassung wëllt duerchsetzen, anstatt emol fir d'éischt derfir ze suergen, dass d'Leit an hierem praktesche Liewen eppes vun der faméiser EU hunn.

Oder ass et Iech entgaangen, dass eis Krankekeesen z.B. nach ëmmer hiere Memberen net nëmme Steng, mee scho ganz Bierger an de Wee leeën, wann een sech wëllt an engem aneren EU-Land medezinisch behandelen oder operéiere loossen?

(...) Ménger Meenung no wäer et dat Bescht wat kënnt passéieren, wann esouvill Länner mat „Nee" géife stëmmen, dass d'Politiker forcéiert wären, dee Projet op Äis ze leeën, an sech emol mat méi prakteschen Ugeleeënheeten a punkto EU ze befaassen.

**LuLu**